



Reglement N° 2

01.11.2009

D'Woodbadge- Formatioun

0. Historique

D'Woodbadge-Formatioun gouf 1919 vum Baden-Powell an d'Liewe geruff a gëtt zënterhier a ville Verbänn op der ganzer Welt praktizéiert, no de Recommendatioun vum Weltbüro vum Scoutissem a vun der 22. Weltkonferenz vu WOSM 1969 zu Helsinki.

1. Definitioun

1.1. Am Verband vun den LGS ass d'Woodbadge-Formatioun, och Gilwell-Formatioun genannt, eng Méiglechkeet vum 3. Zyklus. Et ass eng fakultativ Weiterbildung fir Leit, déi den 2. Zyklus resp. d'Gruppechefs-Formatioun ofgeschloss hunn. Si ass och als Hëllef geduecht fir déi aktuell an déi zukünfteg Membere vun de Branchen- a Service-Equipen.

1.2. D'Woodbadge-Formatioun huet als Ziel, bei de Chef/tainen d'Guiden- a Scoutsmethod ze verdéiwen a folgend Kompetenzen ze entwéckelen:

- perséinlech Gespréicher mat Jugendleche féiere kënnen an Technike vun der Berodung kennen;
- seng perséinlech Spiritualitéit verdéiwen a sengem perséinleche Liewensstil méi no kommen;
- verschidde pädagogesch Methoden an Technike beherrschen;
- allgemeng Zieler, Methoden a Konzepter vu Jugendarbecht kennen a se mat deene vun den eenzelne Branchen aus eise Verband vergläiche kënnen;
- Formatiounsaktivitéiten a Sessiounen op lokalem an op nationalem Plang duerchzéie kënnen;
- d'Dynamik vun engem Formatiouns- a Leedungsgrupp aschätzen an dorop auge kënnen;
- am Beruff an am Verband an engem Formatiouns- a Leedungsteam matschaffe kënnen.

1.3. D'Woodbadge-Formatioun besteet aus 3 Deeler:

- e Formatioucamp (Gilwellcamp)
 - eng perséinlech Aarbecht
 - en Engagement vun 3 Joer bei den LGS.
- Den 2. an 3. Deel kënnen eréischt nom Gilwellcamp ugefaange ginn. D'Zieler vun den 3 Deeler ginn am Formatiounskonzept festgeloegt.

2. Conditione fir d'Woodbadge-Formatioun matzemaachen

2.1. D'Kandidate mussen um Ufank vum Gilwellcamp

- op d'mannst 20 Joer al sinn;
- eng ofgeschlossene Formatioun als Branchechef/taine oder als Gruppechef/taine hunn.

D'Aumôniere sinn och zougelooss.

An aussergewöhnleche Fäll kann de Staff vum Gilwellcamp eng aner Formatioun gëlle loossen.

2.2. Wann ee Kandidat de Woodbadge schon huet oder op engem Gilwellcamp dobäi war, ouni d'Woodbadge-Formatioun ofgeschloss ze hunn, deelt hien dem Gilwell-Leader am viraus seng Motivatioun mat. De Gilwellstaff decidéiert, ënnert wéi enge Conditionen de Kandidat de Gilwellcamp matmaache kann.



3. Gilwellcamp

- 3.1. E Gilwellcamp dauert eng Woch (7 Nuechten). Wann d'Thema oder aner Inhalter vum Gilwellcamp et erfuerderen, kann de Gilwellcamp an 2 Deeler gespléckt ginn.
- 3.2. De Camp soll an engem Kader oflafen, deen dem Thema ugepasst ass. Dëst kann och am Ausland sinn. E kann als Camp fixe oder als Camp volant organiséiert ginn.
- 3.3. Fir all Gilwellcamp ginn den Datum an d'Thema vun der Formatiounsequipe festgeluegt a publizéiert.

Virun all Gilwellcamp ass eng Virbereedungsversammlung, wou de Staff mat de Kandidaten eenzel Schwéierpunkte festhält.

- 3.4. De Gilwellcamp gëtt geleet vun engem Gilwellstaff. Seng Zesummesetzung gëtt am Kapitel 8 vun dësem Reglement definéiert.

De Gilwellstaff ass zoustänneg fir d'Organisatioun vum betreffende Gilwellcamp a fir all Decisiounen, déi heimat zesummenhänken.

- 3.5. Déi ernannte Chef/tainë kréien de Gilwellcamp als "Recyclage" ugerechent fir déi lafend Period vun 3 Joer Ernennung.
- 3.6. Am Fall wou e/ng Chef/taine während dem Camp e krasse Manktem u guddem Wëllen, u Scouts/Guidegeeschter oder u Chefqualitéite weist, kann de Staff um Enn vum Camp decidéieren, datt de Gilwellcamp deem/d'är Chef/taine net ugerechent gëtt fir seng/hir Formatioun.

Läit e Manktem un theoretische Kenntnësser oder un technesche Fähegkeete vir, kann de Staff dem/r betreffende/r Chef/taine eng zousätzlech Formatioun an deem Beräich als Condition fir d'Unerkennung vum Gilwellcamp operleeën.

4. Perséinlech Aarbecht

- 4.1. Déi perséinlech Gilwellsaarbecht kann eng schrëftlech oder eng praktesch Aarbecht sinn; zu enger praktescher Gilwellsaarbecht gehéiert awer ëmmer e kuerze schrëftleche Rapport.
- 4.2. D'Kandidate kréie vum Gilwellstaff déi néideg Informatiounen fir eng perséinlech Aarbecht ze maachen. De Staff kann Inhalter fir perséinlech Aarbechte virschloen. E/ng Kandidat/in kann awer och selwer eng Aarbecht proposéieren; dës Propose muss da vum Gilwell-Leader guttgeheescht ginn. Wann d'Aarbecht eng bestëmmte Branche oder ee bestëmmte Service vum Verband betrëfft, muss d'Propose och vun deem betreffende Commissaire approvéiert ginn.
- 4.3. Eier de/d'Chef/taine mat senger/hirer perséinlecher Gilwellsaarbecht ufänkt, mell hien/si sech beim Gilwell-Leader. Dee kann him/hir e/ng "Pätter/Giedel" proposéieren. Dëst kann e Member vum Gilwellstaff oder vun der betreffender Branchenequipe oder e Spezialist zum Thema sinn. De Gilwell-Leader, d'e Kandidat/in an eventuell d'e "Pätter/Giedel" eenegen sech op en Thema an halen zesumme schrëftlech fest, wouraus d'Aarbecht besteet (Objektiver an Ëmfang) a wéini se soll ofgeschloss sinn.



- 4.4. Spéitstens 24 Méint nom Gilwellcamp muss d'Aarbecht fäerdeg sinn. De Chef / D'Cheftaine schéckt seng/hir Aarbecht resp. de Rapport vu senger/hirer Aarbecht un de Gilwell-Leader. Déi zwee maachen zesummen of, wéini, wou an a wafir engem Krees de Chef / d'Cheftaine seng/hir Aarbecht virstellt.
- 4.5. De Gilwell-Leader mat "Pätter/Giedel" oder mat engem anere Commissaire, deen um Thema vun der Gilwellsaarbecht intresséiert ass, kucken d'Aarbecht duerch a jugéieren zesummen, ob d'Objektiver erreecht gi sinn. Ass dat net de Fall, da kritt d'e Chef/taine matgedeelt, wafir Elementer oder Aspekter hien/si nach soll verdéiwen, completéieren oder nach eemol maache fir e bessert Resultat ze kréien. De Gilwell-Leader hält dës Decisioun schrëftlech fest.
- 4.6. De Gilwell-Leader suergt derfir, datt d'Aarbecht an 2 Exemplairen an den Dokumentatiounscenter vum Verband kënnt. Hie gëtt dem/der Kandidat/in e Certificat, datt d'Aarbecht mat Erfolleg ofgeschloss ass, an informéiert den zoustännege (Branche-) Commissaire.

5. Engagement als Chef/taine

- 5.1. Wann e/ng Chef/taine seng/hir perséinlech Gilwellsaarbecht mat Erfolleg ofgeschloss huet, freet de Gilwell-Leader beim betreffende (Branche-Commissaire en Avis iwwer deem Chef seng / där Cheftaine hir praktesch Matarbecht an der Unitéit, am Grupp resp. an der Equipe. Critèrë fir dësen Avis sin d'Zuel an d'Reussite vun den Aktivitéiten, de Respekt vun de Grondsätz vun de "Lëtzebuurger Guiden a Scouten", d'Uwendung vun der Method, d'Ambiance am Grupp an de perséinlechen Asaz.

Ass dësen Avis positiv, freet de Gilwell-Leader de/d'Chef/taine, ob hien/si bereet ass, sech fir weider 3 Joer bei den LGS ze engagéieren. Wann de/d'Chef/taine eng entsprechend Erklärung ënnerschreift, ass dësen Deel vun der Woodbadge-Formatioun an der Rei.

As den Avis vum (Branche-)Commissaire negativ, gëtt eng Aussprooch tëscht dem Gilwell-Leader, dem Branchecommissaire an dem/r Chef/taine arrangéiert, fir Weeër ze fanne fir d'Situatioun ze verbesseren resp. ze klären.

- 5.2. De/D'Chef/taine ka säin/hiert Engagement aus berufflechen oder familiäre Grënn ënnerbriechen. Hien/Si däerf während deenen dräi Joer d'Branche oder d'Chefcharge wiesselen.

6. D'Woodbadge-Ofzeechen

- 6.1. Wann déi 3 Deeler vun der Woodbadge-Formatioun an der Rei sinn, kritt de/d' Chef/taine d'Woodbadge-Ofzeeche mat dem betreffenden Diplom vum Gilwell-Leader iwwerreicht.

- 6.2. D'Woodbadge-Ofzeeche sinn:

- de gro-beigë Foulard mat engem rechteckege Schottemuster vun der Famill MacLaren,
- de Gilwell-Foulardsrank,
- de Liederstréckel mat 2 hëlzene Krellen.

D'Woodbadge-Ofzeeche kann een nëmmen eemol iwwerreicht kréien, och wann een d'Woodbadge-Formatioun méi wéi eemol gemaach huet.

D'Woodbadge-Ofzeechen (2,3,4 Krellen) ginn op enger Gilwellfeier oder um Verbandskongress iwwerreicht.



Et d'äerf een d'Ofzeechen nach weider droen, och wann een eng aner Chefcharge unhëlt, an eng aner Branche oder an en anere Grupp oder an en aneren unerkannte Verband iwwerwiesselt.

7. Gilwellcamp bei engem anere Verband

7.1. D'Chef/tainë vun den LGS hunn d'Méiglechkeet, de Gilwellcamp bei engem anere Verband ze maachen. Conditionen heifir sinn:

- Dëse Verband gehéiert zu enger vun de Weltorganisatiounen WAGGGS oder WOSM.
- De/D'Chef/taine erfëllt d'Conditionen fir d'Woodbadge-Formatioun matzemaachen (cf. Punkt 2.).
- Hien/Si erfëllt ausserdeem d'Conditionen, déi dëse Verband un d'Kandidate stellt.
- De Formatiounscommissaire an de Gilwell-Leader ginn hiren Accord.

7.2. De Staff vum Gilwellcamp jügéiert, ob de/d'Chef/taine de Camp "bestanen" huet. De/D'Chef/taine freet e Certificat beim Formateur vum anere Verband a leet en dem Gilwell-Leader vun den LGS vir a mëcht dësem e Rapport iwwer d'Inhalter an de Verlaf vum Gilwellcamp.

7.3. Fir déi perséinlech Aarbecht, fir den Engagement als Chef/taine a fir d'Zouerkenne vun den Ofzeeche gëlle grondsätzlech ëmmer d'Modalitéite vun de Punkte 4, 5 a 6 vun dësem Reglement.

8. Leedung vun der Woodbadge-Formatioun

8.1 De Gilwell-Leader ass responsabel fir d'Woodbadge-Formatioun. Hie gëtt vum Commissaire général(e) no Récksproch mam Formatiounscommissaire fir d'Dauer vun engem Mandat ernannt.

D'Gilwellcampe gi vum Gilwell-Leader geleet dee Formateur (8.3) muss sinn. Wann dat net méiglech ass:

- vum Formatiounscommissaire, wann dee Formateur ass;
wann dat net méiglech ass
- engem anere Member vun der Formatiounséquipe, dee Formateur ass;
wann dat net méiglech ass
- engem Formateur, deen op nationalem Plang bei den LGS eng Haaptverantwortung huet.

8.2. De Staff vun engem Gilwellcamp setzt sech zesummen

- aus dem "Formateur" als Haaptresponsabelen,
- aus engem oder méi "Formateurs adjoints" (Assistant Leader Trainer),
- aus anere Membere vum Verband, déi de Woodbadge hunn,
- aus dem Formatiounscommissaire a Membere vun der Formatiounséquipe,
- eventuell aus Spezialisten zu engem bestëmmten Thema.

Ausnahme kënnen vum Gilwell-Leader erlaabt ginn.

De Staff gëtt vum Formateur zesummegeallt.

8.3. E "Formateur" ass dee Chef / déi Cheftaine, deen/déi an der Virbereedung a Leedung vun engem Gilwellcamp d'Haaptresponsabilitéit huet

D'Ofzeeche vum "Formateur" ass de Woodbadge mat 4 Krellen.



Fir Formateur ze ginn, muss een

- de Woodbadge mat 3 Krellen hunn;
 - op d'mannst zweemol eng Haaptcharge an der Leedung vun engem Gilwellcamp iwwerhuelen, an zwar am Beräich vun den Inhalter vum Formatiounsprogramm, an dës Charge zur vollster Zefriddenheet vum Gilwellstaff ausféieren;
 - Erfahrung hunn an der Organisatioun vu Formatiounscampen an an der Leedung vun enger Cheféquipe;
 - op nationalem Plang eng Haaptverantwortung droen;
 - en internationalen oder auslännesche Cours fir Formateuren oder en internationale Seminaire iwwert en Thema, dat mat der Formatioun ze dinn huet, matmaachen;
- bei sech selwer Haltungen entwéckelen, déi mat de Grondsätz vun den LGS iwwereneestëmmen.

- 8.4 D'"Formateurs adjoints" sinn déi Leit, déi um Gilwellcamp zesumme mam Formateur d'Haaptchargen iwwerhuelen.

D'Ofzeeche vum "Formateur adjoint" ass de Woodbadge mat 3 Krellen.

Fir "Formateur adjoint" ze ginn, muss een

- d'Woodbadge-Ofzeechen (2 Krellen) hunn;
- bei der Virbereedung an Duerchféierung vun op d'mannst 3 Formatiounscampe vum 1. oder 2. Zyklus oder vun 3 Formatiounszykle fir Gruppechef/tainen oder Animateurs spirituels am Staff matmaachen;
- op d'mannst eemol an engem Gilwellstaff matmaachen an dobäi seng Charge zur vollster Zefriddenheet vum Staff ausféieren;
- am Kader vun der Chefformatioun Sessiounen virbereeden an animéieren a jidderengem vun dësen 2 Beräicher:
 - a) Grondsätz (Ziel, Psychologie, Method, Glawenserzéiung ...);
 - b) Praxis (Aktivitéiten, Techniken ...);
- um nationale Plang an enger Branche oder engem Service vum Verband aktiv matschaffen;
- eng "Formation des formateurs" vun op d'mannst 8 Stonnen matmaachen; dës kann duerch en zousätzleche Gilwellcamp bei engem auslännesche Verband ersat ginn;
- bei sech selwer Haltungen entwéckelen, déi mat de Grondsätz vun den LGS iwwereneestëmmen.

- 8.5. De Gilwell-Leader jügéiert, ob d'Conditione vum Art. 8.4. erfëllt sinn an iwwerrecht dem/r betreffende/r Chef/taine d'Ofzeechen als "Formateur adjoint". Wann d'Conditione vum Art. 8.3. erfëllt sinn, iwwerrecht de Gilwell-Leader dem/r betreffende/r Chef/taine d'Ofzeechen als "Formateur".

- 8.6 Doduerch, datt e/ng Chef/taine d'Ofzeeche vum "Formateur adjoint" oder vum "Formateur" unhëlt, engagéiert hien/si sech, während op d'mannst 3 Joer an der Chefformatioun vum Verband aktiv matzeschaffen.

9. Schlussbestëmmungen

- 9.1. Bei onklore Situatiounen, déi an dësem Reglement net virgesi sinn, entscheet de Formatiounscommissaire, de Gilwell-Leader am Averstännës mam Commissaire général an no Unhéiere vun den implizéierte Chef/tainen a Commissairen.